

REVUE MUSICALE

DE L'UGDA



n° 5 – décembre 2012

**Résultats
Concours pour Jeunes Solistes**

**Rétrospective sur les activités
de l'automne en musique**

150^e anniversaire de l'UGDA

Fédération

**Stages et
échanges internationaux**

École de Musique de l'UGDA

Nekrologie ob een Traditionsveräin.

D'Eintracht im Thale vun Hesper seet Äddi

Text: Jos Schiltz, Damien Sagrillo - Fotoen: Laurent Blum, Roland Schumacher

1865-2011: 146 Joer war d'**Eintracht** ee Garant fir de lëtzebuenger Männerchouergesank, an dat net nëmmen um lokalen, kommunalen an nationalen, mee och um internationale Plang. D'Eintracht, déi Schwellen vun zwee Joerhonnerten, jo engem Joerdausend, an zwee Weltkricher iwwerstanen huet, kann haut mat Stolz, op ee kulturelle Palmarès an ee kulturellt Wierken zeréckblécken, dat hei am Land sécher eemoleg ass. Getrei hiren éischten Statuten vun 1868, déi 31 Sänger ënnerschriwwen haten, an enger Statutenännerung vun 1878, wou geschriwwen steet, datt d'Eintracht als Zweck huet, sech dem Chouer, dem Figural an dem Profangesang ze widmen an dësen ze fleegen, kann ee soen, datt dëst Testament vun iwwer 5-6 Generatiounen mat Respekt an Unerkennung bis haut erfëllt ginn ass. Getrei dëser Devise war d'Eintracht 146 Joer bei weltlechen ewéi kierchlechen Evenementer ëmmer derbäi. Jo, doriwwer eraus, hate nach eng Grupp Sänger aus der Eintracht sech an engem Kierchegesank engagéiert, dee vun 1957-1998 all Sonndes, 41 Joer laang, de Choral an der Sonndesmass gesongen huet. Vun 1900 un, mat kuerzen Ennerbriechungen, bis Enn der 90zeger Joren, huet d'**Eintracht** och nach Theater gespillt.

Et ass sécher net einfach, fir sech an d'Zäit vun der Veräinsgrënnung zeréckzersetzen, 1865, wou politesch onroueg Zäiten waren zu Lëtzebuerg, dat nach dem däitsche Bond ugehéiert huet, wou d'Eisebunn nach an de Kannerschong stouch, déi éischt Schmelzen ugefaangen hunn ze dämpfen, wou zu Hesper e Groussbrand war an e puer Haiser mateneen verbrannt sinn, a wou d'Cholera hier éischt Affer gefuerdert huet. Dat war d'Émfeld vun der Grënnungszäit. 1849 ass Hesper eng eegestänneg Par ginn. Et läit domadder an der Logik, dass déi Zäit schonns an der Kirch gesongen ginn ass, mee et awer nach bis 1865 gedauert huet bis sech e Gesangveräin gegrënnt huet, a méi wéi sécher war dat ënnert dem Impuls vum deemolege Paschtouer Jacob Meyers.



1,50 Fr war d'Entréesgeld fir an de Veräin ze kommen, 25 ct pro Mount fir an d'Prouf dierfen ze kommen an 1,25 Fr d'Strof, wann een onentschëllegt net an der Prouf war (Roland Schumacher, Festbrochure vun 1990).

Vun 1865 bis 1878 war et roueg ëm de Veräin, wou dann 1878 de President Nicolas Hippert an de Secrétaire Nic Mockel seng Geschécker an d'Hand geholl a mat strenger Disziplin gefeiert hunn. Vill Turbulenzen mussen et an de Joren 1878-99 gi sinn. An dësen 21 Joer huet 8 mol de President a 4 mol den Dirigent gewiesselt. 1899 sollt dunn als President de Jean Schiltz (an de Chouer agetrueden 1883) kommen, deen mat dem Dirigent Ed Kayser d'**Eintracht** intern a méi roueg Zäite gefouert huet. Dunn huet während 22 Joer de President, an 27 Joer den Dirigent net méi gewiesselt.

1900 war fir Hesper ee ganz besonnescht Joer. Zweek Fändel goufen ageweit: d'Hesper Musek, 1899 gegrënnt, krut hiren éischte Fändel, an d'**Eintracht** hiren drëtten. Dëst gouf grouss gefeiert mat Fakelzuch, Freedefeier, Kanouneschëss, an dat dank dem Buergermeeschter, dem Nicolas Hippert, deen och Éierepresident vun der **Eintracht** war.

1915 huet de Veräin säin 50jähregt Bestoe gefeiert, mee an engem ganz bescheidenen Kader, doduerch bedéngt, datt den Éischte Weltkrich am gaange war, an schonns alles rationaliséiert war. De Jean Pierre Eyschen huet bei dëser Jubiläumsfeier, esou steet et geschriwwen, "eine meisterliche Festrede gehalten", wou hien eng Bilanz iwwert de Jubiläumsveräin gemach huet.



1930 huet dunn den Albert Schiltz, Jong vum Éierepresident Jean Schiltz, d'Presidentschaft iwwerholl, an dat bis 1962 also 32 Joer laang. 1935 feiert d'**Eintracht** hier 70 Joer mat der Aweigung vun dem véierte Fändel, deen no enger Virlag vum Pol Jomé erstallt ginn ass. 1939 fir d'Feier vun der Onofhängegkeet beschléisst de Comité, am Cortège mat der Grënnungsuniform opzotrieden, blo Schipp a groen Kartongszylinder. No véier Joer Paus während dem Zweete Weltkrich sinn no der Befreiung am September 1944 d'Aktivitéiten erëm opgeholl ginn, fir dann d'Kirmesmass am Oktober ze sängen. Nom Krich gouf et Diskussiounen ëm d'Ännerung vum Numm vum Chouer. E puer Sänger waren der Meenung, de Numm "Eintracht im Thale" wär net méi ubruecht a misst geännert ginn. Dëst war schonns virum Krich, méi och nach besonnesch nom Krich de Fall, mee de Numm ass ëmmer bliwwen.

1950 ass dunn 85jähregt Stëftungsfest gefeiert ginn mat der Aweigung vum fënnefte Fändel. No deene groussen Erfolleger vun den Theaterowender aus der Vergaangenheet, gëtt an der Drosbecht d'Operette "Vakanz am Mëllerdall" an engem Fräiichttheater bei herrlechem Wieder opgefouert. 1952 huet dunn de Veräinspräsident Albert Schiltz den Dirigentenposten no 10 Joer onentgeldlech am Asaz niddergeluecht. No heftegen Diskussiounen iwwert een neien Dirigent, huet de Comité decidéiert een Dirigent vun baussen eran ze huelen, ee Berufsmuseker, an dat an der Persoun vum Pierre Nimax. Eng nei Veräinsära gouf domat agelaut. Bedéngt duerch d'Vitalitéit vun neien Dirigent, goug et schonns ee Joer méi spéit, 1953, op lechternach op de Concours, an duerno nach véier mol bis 1959. Een neie Programm, ënnert dem Motto "Festival Johann Strauss" gouf ageprouft an ass puer mol am Land opgefëiert ginn. An der Festbrochure vun 1990 steet geschriwwen, iwwert d'Joer 1955: "D'**Eintracht** auf musikalischen Höhenpfaden", an dat war och esou. 42 Sänger hunn duerch groussen Asaz a Prouwebesuch (75 Prouwen am Joer) villes méiglech gemach. Mat der **Chorale Mixte** vum Conservatoire war et dunn 1955

a Präsenz vun der groussherzoglecher Famill d'Opfëierung vun de "Jahreszeiten" vum Joseph Haydn. Vill Concerten, mat grousssem Succès sinn am ganze Land gesonge ginn. Och am Ausland ass de Veräin opgetratt: Duisburg, Wülfrath ... Zweek Operconcerten a vill Massen goufe gesongen, doniewent ass d'**Eintracht** ob Radio Lëtzebuerg invitéiert ginn. Mee deem Rhythmus vun deene leschte siwen ustrengende Joren waren d'Sänger midd, an et huet missen eng Otempaus kommen. Den Pierre Nimax huet demissionéiert, an zwee Méint méi spët, war de Jean-Pierre Kemmer deen neien Dirigent.



Eng nei musikalesch Zäit huet ugefaangen, méi roueg, mee de musikaleschen Opschwonk goung weider. Deen neien Dirigent huet eng nei Mass fir Männerchouer a Sträichquartett komponéiert, déi dunn fir d'Kommioun gesonge gouf. Dës Mass ass 1961 fir Cäciliendag vu Radio Lëtzebuerg iwwerdroe ginn. 1962 huet de laangjäreg Vizepresident Henri Wingert an der GV, nodeem datt hien 30 Joer am Veräin war, an 27 Joer am Comité, d'Presidentschaft vum Albert Schiltz iwwerholl, deen zum Éierepresident ernannt gouf. Deen neie President huet dunn mam J.P. Kemmer a mat de Sänger weider um musikaleschen Opbau virugeschafft. Dat éischt Resultat koum dunn am Mee, wou een internationale Concours an der Stad war. D'Resultat war d'Eropklammen an eng méi héich Divisioun. Am Festsall vum neien **Centre Civique**, gouf 1964 een éischten Gemeinschaftsconcert vun de fënnf Hesper Gesangveräiner gesongen. 1965 feiert d'**Eintracht** hir 100 Joer. Niewent de lokale Feierlechkeeten huet se, énnert der Direktioun vum deemolegen Dirigent vum Radiosorchester, Louis de Froment, zu Woltz bei de Festspiller an am **Neien Theater** an der Stad de Requiem vum Verdi opgefouert. A mat der **Chorale Mixte** vum Conservatoire huet d'**Eintracht** Kréinungsmass vum Mozart gesongen. Nom Concours zu Äischen am Joer 1966 décidéiert de Comité 1967 op Les Sables d'Olonne a Frankräich op ee Concours ze goen. Dëst gouf dunn en absoluten Héichpunkt fir de Veräin. Als beschte vun alle Veräiner, déi hei deelgeholl haten, a mam Maximum vun de méiglechen Punkten koumen si erëm, mat der Coupe du Ministère des Affaires Culturelles de France. E weideren Héichpunkt war dunn 1971: 35 Sänger fueren op Grado an Italien, wou zwee Concerte programméiert waren. E Concert spirituell an der Basilika, déi bis op déi leschte Platz, mat circa 1200 Leit vollbesat war. Nom Concert brécht e Stuerm vu Begeescherung aus mat engem laange, laangen Applaus.

Uganks 1972 läit d'Démision vum Dirigent Kemmer dem Comité vir. Als neien Dirigent gëtt vun de Sänger den Henri Rodesch gewielt, deen 15 Joer laang bis 1987 op deem Poste bleift. An all deenen Joren huet den Henri Rodesch mat vill Geschéck a Gefill, zesummen mat de Sänger an dem Comité schéi musikalesch Momenter erlieft. Zesummefaassend kann ee soen: 72 éffentlech Concerten a méi wéi 120 Massen goufe gesongen. Weiderhin sinn 1973 Sendungen an der Televisioun opgeholl ginn, esou wéi och op Radio Lëtzebuerg a mat Radio Saarbrücken. Auslandsconcerten waren 1975 zu Mayerhofen an Zell am Ziller an, zwee Joer méi spët, zu St. Wolfgang an zu Bad Ischl. Ee groussen Echo beim Publikum haten awer

och d'Wonschconcerten. Ee vun deenen, déi sécher an Erënnerung bliwwen sinn, war 1978 de Schubert-Concert. 1980 gouf de fënnefte Fändel vun der **Eintracht** a gläichzäiteg 115 Joer Bestoe gefeiert. 1986 gouf et ee Concert mat engem Männergesangveräin vun Maastricht. Zweek Concourse: 1974 zu Ettelbréck mam Eropklammen an "Division Honneur" an 1979 zu Elwen. Während dem Wierken vum Henri Rodesch, ass dunn 1981 den laangjäreg President Henri Wingert no 20 Joer zeréckgetrueden an d'Presidentschaft gouf vum Jos Schiltz, Jong vum fréieren Éierepresident Albert Schiltz, bis 1996 iwwerholl.

Am Joer 1988 war et den Damien Sagrillo, deen d'Direktioun vum Chouer iwwerholl huet, an dat 13 Joer laang. Den Damien Sagrillo, e jugendlechen a dynamesche Museker, huet d'**Eintracht** op héijem musikaleschem Niveau viru gefouert. Niewent ville Concerten an Massen, dierf Folgendes ervirgehuewen ginn: 1989 bei Geleeënheet vun engem Ausflug a Südtirol, ee Concert zu Feldthurns, 1990 de Gala-Concert fir 125 Joer **Eintracht**, 1992 gouf eng Cassette **T'Si vill schéi Lieder** opgeholl, 1995 fir 130 Joer **Eintracht** een Oper- an Operetteconcert. Dëst war déi Zäit, wou sech, haaptsächlech an de Männerchéier, de Sängerschwond bemierkbar gemach huet: eeler Sänger sinn ewech bliwwen oder gestuerwen a där jonker sinn der ëmmer manner nokomm. 1990 gouf den 125 järege Jubiläum vun der **Eintracht im Thale** grouss gefeiert, an zwar iwwert d'ganzt Joer, mat verschiddene kulturellen Héichpunkten. Eng bemierkenswäert Brochure an ee Gedenkeller erënneren eis haut nach un dës schéi Momenter. Ee besonneschen Héichpunkt war d'Mass an de Concert vun dem Chouer **Fermata** vu Lublin a Polen, deen duerch d'Vermëttlung vum Member vum Organisationscomité, dem Jacques Wingert, zu stane koum war.



1996 huet dunn den Här Raymond Weydert d'Presidentschaft bis zu sengem Doud am Joer 2003 iwwerholl. Vun 2001 bis 2007 huet den Daniel Malnati d'**Eintracht** dirigéiert, an vun do un bis haut war et de Fabrice Renard deen mat vill Geschéck a Gedold nach mat enger Dosen Sänger Schéines fäerdeg bruecht huet.



D'Aarbecht vum President huet déi lescht acht Joer de Raymond Klein iwwerholl. Dëst war net einfach, well d'Sängerzuel permanent manner ginn ass.

Et gouf ëmmer méi schwéier, fir enger Ufro fir e Concert nach nozekommen. Trotzdem hunn nach schéin gesanglech Momenter, niewent deenen normalen Massen a Concerten, un aal Zäiten erënnert, dorënner eng Mass an der Kathedral vu Léck an dunn den 19. März 2011, de CONCERT d'ADIEU. Offiziell huet de Veräin mat der Generalversammlung 2012 opgehale ze existéieren.

Den Éierepresident, deen duerch dësen ergräifenden Concert d'Adieu gefouert huet, huet sei Veräinsréckbléck mat grad esou ergräifende Wieder ofgeschloss.

„Ech wëll da schléissen a mat grousem Respekt op dat zréckblécken wat d'Eintracht an hirer 146 järeger Aktivitéit fir de Lëtzebuurger Männergesank, fir Frëndschaft an Eintracht hei zu Hesper gemaach huet, awer net déi ze vergiessen, déi dëst Wierk ugefangen hunn. Déi, déi eis ee zolidd Fundament hannerlooss hunn, wou mir d'Chance haten, nach e puer schéi Kapitelen an der Veräinschronik derbäi ze schreiwen. An ier ech elo d'Buch vun der Geschicht vun der EINTRACHT im THALE zouschloen, géif ech lech bidden opzestoen an all Deenen ze gedenken, déi un dësem traditiounsräichem Wierk matgeschafft hunn. ... Merci!“

Ass dëst eng Fatalitéit fir d'Männerchéier zu Lëtzebuerg an och am noen Ausland? Wat sinn d'Léieren, déi ee kann dorauer zéien, wann ee gesäit, dass z.B. d'UGDA an och d'INECC grouss Beméiungen ënnerhuelen, fir dësem Lous entgéintzewierken? Et gétt keng! D'Zäit vun de Massemedien, dem Computer an dem Internet brauch anscheinend keng Männerchéier méi. D'Zäiten vu Solidaritéit, déi nom Zweete Weltkrich d'Reie vun de Gesangveräiner geféllt hunn, sinn eriwwer. D'Zukunft wäert wahrscheinlech weisen, datt et vereenzelt Männerensemble wäert ginn, déi op engem héijen kënschtlerechen Niveau dat wäerte fortféieren, wat d'Männerchéier an deene leschten zweehonnert Joer gemaach hunn, nämlech e wäertvollen musikalesche Patrimoine erhalen.

